| Hien, hatt, si | hätt <b>gär</b>                  | e Cadeau.       |
| Mir            | hätt <b>en</b> immens <b>gär</b> | Schokela.       |
| Dir            | hätt gär                         | e Resultat.     |
| Si             | hätt <b>en</b> immens <b>gär</b> | e Rendez-Vous.  |

### "GÉING / GÉIF GÄR" + EN ZWEET VERB AM INFINITIV

|                |                                 |                                 |
|----------------|---------------------------------|---------------------------------|
| Ech            | géing / géif <b>gär</b>         | e Glas Waasser <b>drénken</b> . |
| Du             | géings / géifs <b>gär</b>       | Congé <b>kréien</b> .           |
| Hien, hatt, si | géing / géing <b>gär</b>        | e Cadeau <b>kréien</b> .        |
| Mir            | géingen / géifen elo <b>gär</b> | Schockela <b>iessen</b> .       |
| Dir            | géingt / géift <b>gär</b>       | e gutt Resultat <b>kréien</b> . |
| Si             | géingen / géifen elo <b>gär</b> | e Rendez-Vous <b>huelen</b> .   |

### "VERB + GÄR" (= aimer)

|                |           |                                     |
|----------------|-----------|-------------------------------------|
| Ech            | drénken   | immens <b>gär</b> Kaffi.            |
| Du             | ëss       | <b>gär</b> eng Pizza.               |
| Hien, hatt, si | geet      | <b>gär</b> schwammen.               |
| Mir            | schwätzen | heiansdo <b>gär</b> Lëtzebuergesch. |
| Dir            | spillt    | <b>gär</b> Tennis.                  |
| Si             | kucken    | immens <b>gär</b> e Film.           |

## Nach e puer wichteg separabel (=trennbar) Verben :

### MAACHEN (op-, zou-, futti-, un-, aus-, mat-)

|                |         |                                   |
|----------------|---------|-----------------------------------|
| Ech            | maachen | d'Fënster <b>op</b> .             |
| Du             | méchs   | d'Dier <b>zou</b> .               |
| Hien, hatt, si | mécht   | dat <b>futti</b> .                |
| Mir            | maachen | de Fernseh (=d'Télee) <b>un</b> . |
| Dir            | maacht  | d'Maschinn <b>aus</b> .           |
| Si             | maachen | do <b>mat</b> .                   |

### HUELEN (eraus-, eran-, mat-, un-, zréck-)

|                |        |                                                  |
|----------------|--------|--------------------------------------------------|
| Ech            | huelen | d'Buch <b>eraus</b> .                            |
| Du             | hëls   | de Stull vun dobaussen <b>eran</b> .             |
| Hien, hatt, si | hëlt   | d'Kand <b>mat</b> .                              |
| Mir            | huelen | dat <b>un</b> . (=Mir supposéieren dat.)         |
| Dir            | huelt  | dat net <b>zréck</b> .                           |
| Si             | huelen | net séier <b>of</b> . (=Si ginn net séier dënn.) |

### KOMMEN (eraus-, eran-, mat-, un-, zréck-, heem-)

|                |        |                                   |
|----------------|--------|-----------------------------------|
| Ech            | kommen | <b>aus</b> dem Haus eraus.        |
| Du             | kënns  | <b>an</b> de Büro <b>eran</b> .   |
| Hien, hatt, si | kënnt  | net <b>mat</b> .                  |
| Mir            | kommen | um 10 Auer mam Fliger <b>un</b> . |
| Dir            | kommt  | schnell <b>zréck</b> .            |
| Si             | kommen | um 11 Auer <b>heem</b> .          |

### GOEN (eraus-, eran-, mat-, fort-, erop-, erof-)

|                |      |                            |
|----------------|------|----------------------------|
| Ech            | ginn | all Weekend <b>eraus</b> . |
| Du             | gees | an de Buttek <b>eran</b> . |
| Hien, hatt, si | geet | net gär <b>mat</b> .       |
| Mir            | gi   | <b>fort</b> .              |
| Dir            | gitt | d'Trap <b>erop</b> .       |
| Si             | ginn | d'Trap <b>erof</b> .       |

**"VERB + WEIDER"** (= continuer)

|                |          |
|----------------|----------|
| Ech            | schaffen |
| Du             | fiers    |
| Hien, hatt, si | schwätzt |
| Mir            | schlofe  |
| Dir            | gitt     |
| Si             | botze    |

direkt **weider**.  
mam Auto **weider**.  
**weider**.  
**weider**.  
**weider**.  
**weider**.

**Opgepasst :**

**DÉPLACEMENTSVERBEN :**

|                          |    |
|--------------------------|----|
| Mir ginn <b>heem</b> ,   | mä |
| Mir lafen <b>heem</b> ,  | mä |
| Mir kommen <b>heem</b> , | mä |
| Mir fueren <b>heem</b> , | mä |

**POSITIONSVERBEN :**

mir sinn **doheem**.  
mir drénken eppes **doheem**.  
mir iessen näischt **doheem**.  
mir bleiwen **doheem**.

---

**Fir ..... ze Sätz :**

Ech huelen den Auto **fir** an d'Stad **ze** fueren.  
Du gees an de Kino **fir** e Film **ze** kucken.  
Hien huet e Glas Waasser **fir ze** drénken.  
Mir brauchen e Bic **fir** e Bréif **ze** schreiwen.  
Dir braucht e Schlëssel **fir** d'Dier op**ze**maachen.  
Si huelen den Auto **fir** heem**ze**fueren.

**Inversioun : Sujet/Verb :**

Ech ginn de Weekend an de Kino.  
De Weekend ginn ech an de Kino.

Ech kréien haut e Cadeau.  
Haut kréien ech e Cadeau.

# Akkusativ / Dativ

## Akkusativ = Déplacement

### ECH GI(NN)

- bei den Dokter / bei d'Doktesch
- bei de Bäcker/ bei d'Bäckesch
- bei de Frënd / bei d'Frëndin
- bei d'Kand

- an de Kino (m)
- an den Theater (m)
- an de Restaurant (m)
- an d'Schoul (w)
- an d'Apdikt (w)
- an d'Kathedral (w)
- an d'Bibliothéik (w)
- an d'Klinik (w)
- an d'Schwämm (w)
- an d'Stad (w)
- an d'Péitruss (w)
- an d'Vakanz(w)
- an d'Haus (s)
- an d'Bett (s)

- op de Policebüro (m)
- op de Flughafen (m)
- op de Büro (m)
- op de Maart (m)
- op de Kierfech (m)
- op den Training (m)
- op d'Bank (w)
- op d'Gemeng (w)
- op d'Post (w)
- op d'Gare (w)
- op d'Plëss (w)
- op d'Spillplaz (w)
- op d'Plage (w)
- op d'Aarbecht (w)

## Dativ = Positioun

### ECH SI(NN)

- beim (bei dem) Dokter/ bei der Doktesch
- beim Bäcker / bei der Bäckesch
- beim Frënd / bei der Frëndin
- beim Kand

- am (an dem) Kino
- am Theater
- am Restaurant
- an der Schoul
- an der Apdikt
- an der Kathedral
- an der Bibliothéik
- an der Klinik
- an der Schwämm
- an der Stad
- an der Péitruss
- an der Vakanz
- am Haus
- am Bett

- um (op dem) Policebüro
- um Flughafen
- um Büro
- um Maart
- um Kierfech
- um Training
- op der Bank
- op der Gemeng
- op der Post
- op der Gare
- op der Plëss
- op der Spillplaz
- op der Plage
- op der Aarbecht

## 10/ D'Wochendeeg

Méindeg / Méinden  
Dënschdeg / Dënschden  
Mëttwoch  
Donneschdeg / Donneschden  
Freideg / Freiden  
Samschdeg / Samschden  
Sonndeg / Sonnden

|                   |             |
|-------------------|-------------|
| all Méindeg :     | méindes     |
| all Dënschdeg :   | dënschdes   |
| all Mëttwoch :    | mëttwochs   |
| all Donneschdeg : | donneschdes |
| all Freideg :     | freides     |
| all Samschdeg :   | samschdes   |
| all Sonndeg :     | sonndes     |

### D'WOCHENDEEG SINN ALL MÄNNLECH:

bis e Méindeg  
bis den nächsten Dënschdeg  
bis den nächste Samschdeg

## D'Méint

Januar  
Februar  
Mäerz  
Abrëll  
Mee  
Juni  
Juli  
August  
September  
Oktober  
November  
Dezember

## Den Datum

### **12.07.1976**

den zwoelfte Juli  
nonzéghonnertsechsiwwenzeg

### **23.09.2007**

den dräianzwanzegste September  
zweedausendsiwen

## D'Joreszäiten

d'Fréijoer  
de Summer  
den Hierscht  
de Wanter

# 11/ D'Zuelen

## KARDINAL

|           |                                                                                   |
|-----------|-----------------------------------------------------------------------------------|
| <b>1</b>  | eent<br><b>Opgepasst :</b><br>een Dag (m),<br>eng Zeitung (w),<br>ee Kand (s)     |
| <b>2</b>  | zwee<br><b>Opgepasst :</b><br>zwee Männer (m), zwou Fraen (w),<br>zwee Kanner (n) |
| <b>3</b>  | dräi                                                                              |
| <b>4</b>  | véier                                                                             |
| <b>5</b>  | fënnef                                                                            |
| <b>6</b>  | sechs                                                                             |
| <b>7</b>  | siwen                                                                             |
| <b>8</b>  | aacht                                                                             |
| <b>9</b>  | néng                                                                              |
| <b>10</b> | zéng                                                                              |
| <b>11</b> | eelef                                                                             |
| <b>12</b> | zwielef                                                                           |
| <b>13</b> | dräizéng                                                                          |
| <b>14</b> | véierzéng                                                                         |
| <b>15</b> | fofzéng                                                                           |
| <b>16</b> | siechzéng                                                                         |
| <b>17</b> | siwwenzéng                                                                        |
| <b>18</b> | uechtzéng                                                                         |
| <b>19</b> | nonzéng                                                                           |
| <b>20</b> | zwanzeg                                                                           |

**21,22,23...** eenanzwanzeg,  
zweeanzwanzeg, dräianzwanzeg...

|            |           |
|------------|-----------|
| <b>30</b>  | drësseg   |
| <b>40</b>  | véierzeg  |
| <b>50</b>  | fofzeg    |
| <b>60</b>  | siechzeg  |
| <b>70</b>  | siwwenzeg |
| <b>80</b>  | achzeg    |
| <b>90</b>  | nonzeg    |
| <b>100</b> | honnert   |

|                |                |
|----------------|----------------|
| <b>1000</b>    | dausend        |
| <b>2000</b>    | zweedausend    |
| <b>10.000</b>  | zéngdausend    |
| <b>100.000</b> | honnertdausend |

**1 Millioun, 1 Milliard, 1 Billioun**

## ORDINAL

|                 |                                                              |
|-----------------|--------------------------------------------------------------|
| <b>1.</b>       | den Éisch <b>ten</b> (m)<br>déi Éischt (w)<br>dat Éischt (s) |
| <b>2.</b>       | den Zweeten                                                  |
| <b>3</b>        | den Drëtten                                                  |
| <b>4.</b>       | de Véierten                                                  |
| <b>5.</b>       | de Fënneften                                                 |
| <b>6.</b>       | de Sechsten                                                  |
| <b>7.</b>       | de Siwenten                                                  |
| <b>8.</b>       | den Aachten                                                  |
| <b>9.</b>       | den Nénkten                                                  |
| <b>10.</b>      | den Zéngten                                                  |
| <b>11.</b>      | den Eeleften                                                 |
| <b>12.</b>      | den Zwieleften                                               |
| <b>13.</b>      | den Dräizéngten                                              |
| <b>14.</b>      | de Véierzéngten                                              |
| <b>15.</b>      | de Fofzéngten                                                |
| <b>16.</b>      | de Siechzéngten                                              |
| <b>17.</b>      | de Siwwenzéngten                                             |
| <b>18.</b>      | den Uechtzéngten                                             |
| <b>19.</b>      | den Nonzéngten                                               |
| <b>20.</b>      | den Zwanzeg <b>sten</b>                                      |
| <b>21.</b>      | den Eenanzwanzegsten,...                                     |
| <b>30.</b>      | den Drëssegsten                                              |
| <b>40.</b>      | de Véierzegsten                                              |
| <b>50.</b>      | de Fofzegsten                                                |
| <b>60.</b>      | de Siechzegsten                                              |
| <b>70.</b>      | de Siwwenzegsten                                             |
| <b>80.</b>      | den Achzegsten                                               |
| <b>90.</b>      | den Nonzegsten                                               |
| <b>100.</b>     | den Honnersten                                               |
| <b>1000.</b>    | den Dausendsten                                              |
| <b>2000.</b>    | den Zweedausendsten                                          |
| <b>10.000.</b>  | den Zéngdausendsten                                          |
| <b>100.000.</b> | den Honnertdausendsten                                       |

**de Milliounsten, de Milliardsten,  
de Billionsten**


# 12/ D'Auer

## Beispiller :

Wéivill Auer ass et, wann ech glift ?  
Wéi spéit ass et ?

Et ass eng Auer. (1:00 / 13:00)  
Et ass fënnef op zwou. (2:05 / 14:05)  
Et ass zéng op dräi. (3:10 / 15:10)  
Et ass véirel op véier. (4:15 / 16:15)  
Et ass zwanzeg op fënnef. (5:20 / 17:20)  
Et ass fënnef vir halwer sechs. (5:35 / 17:35)  
Et ass halwer siwen. (6:30 / 18:30)  
Et ass fënnef op halwer aacht. (8:35 / 20:35)  
Et ass zwanzeg vir néng. (8:40 / 20:40)  
Et ass véirel vir zéng. (9:45 / 21:45)  
Et ass zéng vir eelef. (10:50 / 22:50)  
Et ass fënnef vir zwielef. (11:55 / 23:55)

Et ass eng Minutt vir zwielef. (11:59 / 23:59)  
De Concert fänkt um néng Auer un an en dauert bis eelef Auer.  
Den Zuch fiert um véirel op dräi fort.



## Wou ? Vu wou ? Wuer ?

### Wou ?

Wou wunnt Dir ?  
Wou wunns du ?

### ECH WUNNEN...

an der Stad  
zu Beggen  
zu Bouneweg  
zu Zéisseng  
zu Dummeldeng  
zu Ech  
zu Gaasperech  
zu Hamm  
zu Hollerech  
zu Märel  
zu Weimerskierch

zu Bréissel  
zu Arel  
zu Tréier  
zu Saarbrécken  
zu Diddenuewen  
zu Nanzeg  
zu Metz

### Vu wou ?

Vu wou kommt Dir ?  
Vu wou kënns du ?

### ECH KOMMEN...

aus der Stad  
vu Beggen  
vu Bouneweg  
vun Zéisseng  
vun Dummeldeng  
vun Ech  
vu Gaasperech  
vun Hamm  
vun Hollerech  
vu Märel  
vu Weimerskierch

vu Bréissel  
vun Arel  
vun Tréier  
vu Saarbrécken  
vun Diddenuewen  
vun Nanzeg  
vu Metz

### Wuer ?

Wuer fuert Dir ?  
Wuer fiers du ?

### ECH FUEREN...

an d'Stad  
op Beggen  
op Bouneweg  
op Zéisseng  
op Dummeldeng  
op Ech  
op Gaasperech  
op Hamm  
op Hollerech  
op Märel  
op Weimerskierch

op Bréissel  
op Arel  
op Tréier  
op Saarbrécken  
op Diddenuewen  
op Nanzeg  
op Metz

## Exceptiounen / Ausnamen

um Belair  
um Verluerekascht  
um Cents  
um Kierchbiereg  
um Lampertsbiereg  
um Weimeschhaff

op der Gare  
op der Polvermillen

a Clausen  
am Gronn (Grond)  
am Rolléngergronn  
am Pafendall  
am Neiduerf  
an der Millebaach

vum Belair  
vum Verluerekascht  
vum Cents  
vum Kierchbiereg  
vum Lampertsbiereg  
vum Weimeschhaff

vun der Gare  
vun der Polvermillen

aus Clausen  
aus dem Gronn (Grond)  
aus dem Rolléngergronn  
aus dem Pafendall  
aus dem Neiduerf  
aus der Millebaach

op de Belair  
op de Verluerekascht  
op den Cents  
op de Kierchbiereg  
op de Lampertsbiereg  
op de Weimeschhaff

op d'Gare  
op d'Polvermillen

a Clausen  
an de Gronn (Grond)  
an de Rolléngergronn  
an de Pafendall  
an d'Neiduerf  
an d'Millebaach

## D'Länner an d'Stied

### Wou ?

#### ECH WUNNEN...

an Italien zu Roum  
a Portugal zu Porto  
an England zu London  
a Frankräich zu Paräis  
an Däitschland zu Berlin  
an der Belsch zu Bréissel  
an der Tierkei zu Ankara  
an der Schwäiz zu Zürich  
am Vietnam zu Hanoi  
am Iran zu Teheran

### Vu wou ?

#### ECH KOMMEN...

aus Italien vu Roum  
aus Portugal vu Porto  
aus England vu London  
aus Frankräich vu Paräis  
aus Däitschland vu Berlin  
aus der Belsch vu Bréissel  
aus der Tierkei vun Ankara  
aus der Schwäiz vun Zürich  
aus dem Vietnam vun Hanoi  
aus dem Iran vun Teheran

### Wuer ?

#### ECH FUEREN...

an Italien op Roum  
a Portugal op Porto  
an England op London  
a Frankräich op Paräis  
an Däitschland op Berlin  
an d'Belsch op Bréissel  
an d'Tierkei op Ankara  
an d'Schwäiz op Zürich  
an de Vietnam op Hanoi  
an den Iran op Teheran

## 13/ D'Haus

Mäi Brudder Raymond sicht en Haus. Hien huet eng grouss Famill: eng Fra, dräi Kanner, en Hond, eng Kaz. Seng Mamm a säi Papp wunnen och am Stot. Dofir brauch hie 5 Schlofkummeren an 2 Buedzëmmer. Seng Fra an hien hunn en Auto a säi Papp huet e Moto, dat heescht si brauchen och eng grouss Garage.

D'Kanner wëllen e Gaart mat enger Sandkaul a vill Beem fir ze klammen. Si hunn en Haus gesinn, dat jidderengem gutt gefält.

Et huet eng blo Fassad, eng rout Bréifkëscht, e schwaarzen Daach a ganz vill Fënsteren. Dat ass flott am Summer. Hannert dem Haus ass eng grouss Wiss a vill Hecken. Jiddereen ass d'accord fir dat Haus ze kafen.

## 14/ De Büro

Wat eng Mëscht ! Mäi Schreifdësch ass voll mat Saachen, ech fanne guer näischt méi erëm. Ech brauch e Bic an e Blat fir Notizen ze huelen an d'Schéier fannen ech och net méi. Zut, wou ass d'Schéier, ech kréien dee Pak net op ? Ah, do, ënnert dem Classeur.

Ech fanne kee Bic an huelen dofir e Bläistëft. Do ass jo och dat Buch, dat ech schonn zënter 3 Méint sichen. Sou, elo kann ech endlech um Computer schaffen, et feelt just nach meng Maus. Wou sinn d'Blieder ?

D'Imprimante ass leider futti. Dofir drécken ech de Rapport op der Aarbecht eraus. Do kréien ech och eng grouss Enveloppe fir de Rapport dran ze maachen.

## 15/ D'Wunneng

Haut ass Botzdag. Ech fänken uewen un. Fir d'éischt botzen ech de Späicher. Do leie vill al Saachen. Da ginn ech an d'Schlofkummer.

Ech maachen d'Bett a raumen d'Kleeder an de Schaf. D'Buedzëmmer ass och knaschteg an dofir botzen ech de Lavabo, d'Dusch an d'Toilette. Lo ass alles propper.

Duerno ginn ech an d'Kichen, raumen d'Spullmaschinn an, an decken den Dësch fir d'Owesiessen. Ech muss och nach de Buedem botzen. An der Stuff ass Chaos, iwwerall leie Saachen: Spillsaachen, Kleeder, Telleren, Tassen, Glieser, ... Ech raumen eng ganz Stonn bis ech fäerdeg sinn.

Zum Schluss maachen ech nach am Keller d'knaschteg Wäsch an d'Wäschmaschinn. Elo sinn ech awer schéi midd !

## 16/ D'Gesondheet

- Marc :** Moie Julie ! Gees du den Owend mat an de Kino ?  
**Julie :** Oh, ech géif gär matgoen, mä ech hu meng Zänn esou wéi !  
**Marc :** Da muss du bei den Zänn Dokter goen.  
**Julie :** Jo, mä ech hunn awer och de Kapp an d'Ouere wéi, an dat schonn zënter 3 Deeg.  
**Marc :** Da muss de vläicht bei den Ouerendokter goen.  
**Julie :** Ech hunn d'Flemm. D'lescht Woch hat ech de ganzen Zäit de Bauch an de Réck wéi.  
**Marc :** Du Aarmt ! Bass du dann oft krank ?  
**Julie :** Nee, eigentlech net. Normalerweis sinn ech ganz gesund.  
**Marc :** Ma da wënschen ech dir eng gutt Besserung !  
**Julie :** Merci.

## 17/ De Kierper

Muer fuere mir an d'Vakanz. Mir fuere fir 3 Wochen an Italien. Dofir musse mir elo eis Wallis paken. Fir d'éischt de Kanner hir Wallis: wat brauch ech alles ? Sonnecrème fir d'Gesicht an de Kierper anzecremen, Seef fir d'Hänn an d'Fanger ze wäschen, eng Hoerbiischt fir d'Hoer ze kämmen, Ouerestäbercher fir d'Oueren ze botzen a Shampoing.

Hunn ech elo näischt vergiess ? Uups, ech muss nach e Sonnebrëll apaken an eng Kap fir op de Kapp.

An dann nach Kleeder. Mä fir d'éischt huelen ech nach meng Saachen aus dem Buedzëmmer: Nueschnappecher, meng Crème fir d'Hänn, de Raséierapparat fir mäi Mann, d'Zännbiischt an d'Zahnpasta an nach eng Crème géint meng Falen am Hals. Sou, dat geet duer. De Rescht ka mäi Mann apaken. Ech muss elo nach e bësse raschten.

## 18/ Den Heng ass krank

- Carole :** Heng, bass du schonn heiheem ? Du schaffs dach ëmmer bis 17 Auer.  
**Heng :** Jo, mä ech fille mech haut guer net gutt. Dofir sinn ech um 15.30 Auer heemkomm.  
**Carole :** Wat feelt dir dann ? Ech hoffen et ass näischt Schlëmmes !  
**Heng :** Ech hunn einfach alles wéi.  
**Carole :** Soll ech den Dokter ruffen ?  
**Heng :** Nee, esou schlëmm ass et awer net. Ech mengen ech hunn eng Gripp. Ech hunn de Kapp an d'Ouere wéi. E bësse Féiwer hunn ech och a meng Nues leeft déi ganz Zäit.

**Carole :** Ech maachen dir e gudden waarmen T   mat Hunneg. Duerno lees du dech an d'Bett. Muer geet et dir best  mmt scho vill besser.

**Heng :** Jo, dat ass eng gudd Iddi. A wann et muer net besser ass, ginn ech bei eisen Hausdokter. Moies brauch ee kee Rendez-vous.

**Carole :** Jo, dat st  mmt.

## 19/ An der Epicerie

**Verkeef  r :** Moie Madame, wat d  erf et sinn ?

**Client   :** Moien. Ech h  tt g  r 2 Heeder Zalot.



**Verkeef  r :** Soss nach eppes ?

**Client   :** Jo, gitt mir e Kilo Tomaten an 150 Gramm Oliven.

**Verkeef  r :** Wann ech glift.

**Client   :** Ech huelen och nach en halleft Pond Ham.

**Verkeef  r :** R  i oder gekachten Ham ?

**Client   :** Gekachten Ham, wann ech glift. An och nach e St  ck K  is.

**Verkeef  r :** Ass dat alles ?

**Client   :** Wivill (=w  i vill) kaschten d'Waassermelounen ?

**Verkeef  r :** D'Waassermelounen kaschten 0.79    de Kilo.

**Client   :** Dat ass net ze deier.  
Gitt mir eng Waassermeloun.  
Wivill (=w  i vill) m  cht dat zesummen ?

|                     |                     |                           |
|---------------------|---------------------|---------------------------|
| <b>Verkeef  r :</b> | 2 Heeder Zalot      | 0.96                      |
|                     | 1 kg Tomaten        | 2.36                      |
|                     | 150 gr Oliven       | 2.65                      |
|                     | 250 gr Ham          | 8.94                      |
|                     | K  is               | 4.71                      |
|                     | 1 Waassermeloun     | 5.83                      |
|                     | Dat m  cht zesummen | 25.45   , wann ech glift. |

**Client   :** Huel Dir Kreditkaarten ?

**Verkeef  r :** Jo, s  cher.

**Client   :**   ddi a Merci.

**Verkeef  r :** Villmools Merci. Ech w  nschen lech nach e sch  inen Dag.

**Client   :** Merci gl  ichfalls.

## 20/ En Tour mam Vëlo

D'Wieder ass schéin. D'Sonn schéngt an et ass gutt waarm. Mäin neie Vëlo ass am Garage an ech hu Loscht fir elo en Tour mam Vëlo ze maachen. Op mengem Vëlo ass eng Auer. Si hëlleft mir, fir meng Zäit ze stoppen a meng Häerzfrequenz ze kontrolléieren.

Fir d'éischt fueren ech de Bierg erof. Ei, dat ass flott, awer net ze séier, well soss falen ech an dann hunn ech alles wéi.

Duerno fueren ech op enger Vëlospist ëmmer nëmme rächtaus, laanscht e Floss.



Op mengem Vëlo ass och eng Schell. Heiansdo muss ech schellen, fir datt d'Foussgänger op der Vëlospist op d'Säit ginn. Zum Schluss geet et nees de Bierg erop. Dat ass ustrengend.

Wann ech doheem sinn, dann drénken ech séier e Glas Orangëjus. Duerno ginn ech an d'Dusch. Et ass nach ëmmer gutt waarm dobaussen an ech leeë mech an de Gaart. D'Sonn dréchent meng naass Hoer. Hoffentlech reent et muer net. Da fueren ech nees mam Vëlo.

## 21/ Sport

- Alain :** Salut Jérôme !  
**Jérôme :** Salut Alain ! Wéi geet et ?  
**Alain :** Gutt ! An dir ?  
**Jérôme :** Och gutt.  
**Alain :** Wat méchs du den Owend ?  
**Jérôme :** Ech spillen den Owend Fussball.  
**Alain :** Oh, flott. Wou ?  
**Jérôme :** An der Stad. Spills du och Fussball ?  
**Alain :** Nee, ech spillen Tennis.  
**Jérôme :** Ech spillen och Tennis. Gi mir eng Kéier zesumme spillen ?  
**Alain :** Dat ass eng gutt Iddi. Wéini ?  
**Jérôme :** E Samschden ?  
**Alain :** Ok. Um wivill (=wéi vill) Auer ?  
**Jérôme :** Um 2 Auer.  
**Alain :** Dat geet. Bis dann.  
**Jérôme :** Bis e Samschden. Äddi.  
**Alain :** Äddi.

## 22/ Meng Famill



Moien!

Ech sinn d'Lisa.

Ech wunnen zu Lëtzebuerg an ech schwätze Lëtzebuergesch.

Wat maachen ech gär ?

Spillen, bastelen, molen a Vëlo fueren.

Dat ass mäin Hond. Hien heescht Cosmo an huet 7 Joer. Wat mécht hie gär ? Spadséiere goen, schwammen an iessen.



Dat ass mäi Brudder. Hien heescht Max an huet 18 Méint. Hien ass immens léif a laacht ëmmer. Wat mécht hie gär ? Schlofen, Mëllech drénken, lafen a klammen.

Meng Mamm heescht Caroline. Si huet 37 Joer an ass Lëtzebuergeschprof. Si schwätzt 5 Sproochen: Lëtzebuergesch, Däitsch, Franséisch, Englesch a Russesch. Wat mécht si gär ? Liesen, danzen, reesen a Leit kenne léieren.

Mäi Papp heescht Charel an huet 38 Joer. Hien ass Turnprof. Hie mécht gär Sport a kuckt gär d'Télee.

Meng Bomaen heesche Marie-Claire a Ginette a meng Bopaen heeschen Josy a Lucien. Wat maache si gär ? Si spille gär mat mir.

## 23/ En Dialog am Café

**Den Här Wirtz :**

**Den Här Weber :**

**Den Här Wirtz :**

**Den Här Weber :**

**Den Här Wirtz :**

**Den Här Weber :**

**Den Här Wirtz :**

**Den Här Weber :**

**Den Här Wirtz :**

**Den Här Weber :**

**Den Här Wirtz :**

**Den Här Weber :**

**Den Här Wirtz :**

**Den Här Weber :**

**Den Här Wirtz :**

**Den Här Weber :**

**Den Här Wirtz :**

Moie Charel. Wéi geet et dir haut ?

Net esou gutt. Ech muss dacks lwwerstonne maachen. An da sinn ech ëmmer spéit doheem. Meng Fra ass net frou doriwwer.

Ech sinn ëmmer doheem a meng Fra ass och net frou doriwwer.

Mä firwat bass du ëmmer doheem ? Schaffs du als Indépendant ?

Neen, ech sinn net selbstänneg. Ech hunn am Moment keng Aarbecht. Wat soll ech maachen ?

Du däerfs net panikéieren an du muss weider sichen. Kanns du dann um Computer schaffen ?

Jo, dat muss haut jidderee kënnen maachen.

Weess du, mir brauchen nach een am Service. Du kanns haut nach e Curriculum Vitae schécken.

Däerf een dann do bei Iech fëmmen ? Dat ass mäi Problem. Ech fëmmen zwee Päck Zigarette pro Dag.

Dat ass ze vill. Du muss mam Fëmmen ophalen.

Ech kann net ophalen.

Mä, du muss probéieren.

Komm, mir drénken nach e Patt !

Du solls näischt méi drénken. Du solls elo heemgoen an däi CV preparéieren.

Muss dat sinn ?

Jo, dat muss elo sinn. Du brauchst de Patt net ze bezuelen. Also, ech muss nees schaffe goen. Bis geschwënn.

Merci fir deng Hëllef. Bis eng aner Kéier.



## 24/ Dialog Haus

- Annick :** Moie Carine! Wéi geet et ?  
**Carine :** Moien Annick! Mir geet et gutt, an dir ?  
**Annick :** Net super. Ech hu Stress.  
**Carine :** Firwat ?  
**Annick :** Ech sichen en Haus.  
**Carine :** A wou ?  
**Annick :** An der Stad.  
**Carine :** An der Stad sinn d'Haiser awer deier.  
**Annick :** Jo, dat ass e Problem. Ech brauch e Buedzëmmer, dräi Schlofzëmmer an eng Kichen.  
**Carine :** An e Büro ?  
**Annick :** Jo, ech brauch och e Büro.  
**Carine :** An e Garage ?  
**Annick :** Nee, ech brauch kee Garage. Ech hu keen Auto.  
**Carine :** An e Gaart ?  
**Annick :** An der Stad ass dat schwéier ze fannen.  
**Carine :** Vill Gléck !  
**Annick :** Merci.

## 25/ En Dialog am Reesbüro

- Den Här Peiffer :** Gudde Moien, Madame.  
**D'Madame Tilges :** Gudde Moien, Monsieur.  
**Den Här Peiffer :** Kann ech lech hëllefen ?  
**D'Madame Tilges :** Jo, ech géing gär e Weekend an eng Hauptstadt fueren.  
**Den Här Peiffer :** A wat fir eng Hauptstadt wëllt Dir fueren ?  
**D'Madame Tilges :** Vlächit op Roum! Et ass jo am Moment eng weltbekannt Ausstellung do.  
**Den Här Peiffer :** Jo, dat ass richtig an och eng gutt Iddi. Mir hunn nach just eng Last Minute Rees fir den nächste Weekend. Hutt Dir de Weekend vum eeleften Oktober Zäit ?  
**D'Madame Tilges :** Jo, sécher, well ech si pensionéiert.  
**Den Här Peiffer :** Wëllt Dir eleng oder zu zwee fueren ?  
**D'Madame Tilges :** Mäi Mann geet och mat.  
**Den Här Peiffer :** Ee Moment w.e.g., ech kucken am Computer, wat mir do hunn. Hei hunn ech en Hotel mat Vue op déi spuenesch Trap fir 300 € pro Persoun.  
**D'Madame Tilges :** Ass dat just de Vol (=de Fluch) ?  
**Den Här Peiffer :** Neen, dat sinn zwou Nuechte plus de Kaffi mam Fluch.  
**D'Madame Tilges :** Dat ass interessant. Ech ka mech net direkt decidéieren. Ee Moment, w.e.g.. Ech ruffe schnell mäi Mann un.  
**Den Här Peiffer :** Kee Problem, ech kann lech schonn alles printen (=erausdrécken).

### Fënnef Minutte méi spéit:

|                           |                                                                                         |
|---------------------------|-----------------------------------------------------------------------------------------|
| <b>D'Madame Thilges :</b> | Mir sinn decidéiert. Mir reservéieren (=buchen) direkt.                                 |
| <b>Den Här Peiffer :</b>  | Wéi wëllt Dir bezuelen ? Mat Bancomat, mat Visa oder bor ?                              |
| <b>D'Madame Thilges :</b> | Am léifste mat Visa.                                                                    |
| <b>Den Här Peiffer :</b>  | Hei sinn d'Dokumenter an d'Rechnung, w.e.g..                                            |
| <b>D'Madame Thilges :</b> | Dat gëtt bestëmmt eng flott Rees.                                                       |
| <b>Den Här Peiffer :</b>  | Roum, als Destinatioun ass ëmmer interessant. An ech wënschen lech nach eng schéi Rees. |
| <b>D'Madame Thilges :</b> | Merci an awuer.                                                                         |
| <b>Den Här Peiffer :</b>  | Vläicht bis eng aner Kéier. Äddi a Merci.                                               |

## 26/ En Dialog op der Strooss

|                      |                                                                                                                                                                                                                                                    |
|----------------------|----------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------|
| <b>De Reporter :</b> | Moien, Madame. Hutt Dir e puer Minutten Zäit ?                                                                                                                                                                                                     |
| <b>D'Madame :</b>    | Moien, ech sinn zwar presséiert. Mä ech huele mir e bëssen Zäit fir op Är Froen ze äntweren.                                                                                                                                                       |
| <b>De Reporter :</b> | Maacht Dir Vakanz zu Lëtzebuerg ?                                                                                                                                                                                                                  |
| <b>D'Madame :</b>    | Ech kommen all Joer fir ee Mount op Lëtzebuerg, well meng Duechter wunnt hei. Hatt ass mat engem Lëtzeburger bestuet.                                                                                                                              |
| <b>De Reporter :</b> | Wat fir eng Nationalitéit hutt Dir dann ?                                                                                                                                                                                                          |
| <b>D'Madame :</b>    | Wéi Dir vläicht héiert, kommen ech aus Irland.                                                                                                                                                                                                     |
| <b>De Reporter :</b> | Verstitt Dir e bësse Lëtzebuergesch ?                                                                                                                                                                                                              |
| <b>D'Madame :</b>    | Jo, e bëssen, mä net vill. Meng Enkelkanner kënnen jo och Englesch mat mir schwätzen. Ech si frou, datt si direkt zwou Sproocher matenee léieren. Et ass immens, datt Lëtzebuerg dräi offiziell Sproochen huet. Wat fir eng Etude maacht Dir hei ? |
| <b>De Reporter :</b> | Mir wëlle wëssen, firwat d'Auslänner gär op Lëtzebuerg kommen.                                                                                                                                                                                     |
| <b>D'Madame :</b>    | Hutt Dir schonns e Resultat ?                                                                                                                                                                                                                      |
| <b>De Reporter :</b> | Neen, nach net. Mir musse fir d'éischt honnert Leit pro Dag während zéng Deeg interviewen.                                                                                                                                                         |
| <b>D'Madame :</b>    | An d'Nummer wéi vill sinn ech ?                                                                                                                                                                                                                    |
| <b>De Reporter :</b> | Wéi Dir gesitt ass et haut Méindeg a moies fréi, esou datt Dir déi éischt Persoun sidd.                                                                                                                                                            |
| <b>D'Madame :</b>    | Leider hunn ech elo keng Zäit méi. Ech wënschen lech nach vill Succès (=Erfolleg).                                                                                                                                                                 |
| <b>De Reporter :</b> | Merci fir Är Gedold. An nach eng schéin Zäit zu Lëtzebuerg.                                                                                                                                                                                        |
| <b>D'Madame :</b>    | Merci gläichfalls an Äddi.                                                                                                                                                                                                                         |
| <b>De Reporter :</b> | Awuer.                                                                                                                                                                                                                                             |

## 27/ Eis Vakanz

Mir sinn a Griicheland an der Vakanz.

Mir maachen eng Rondrees vu 15 Deeg duerch ganz Griicheland a bleiwen zum Schluss nach 5 Deeg op enger Insel fir ze raschten.

Mir fléie mam Fliger vu Lëtzebuerg op Athen. Do bleiwe mir 2 Deeg. Mir hunn e schéinen Hotel direkt am Zentrum. Den éischten Dag gi mir d'Akropolis besichen. Owes iesse mir an engem Restaurant an der Alstad. Den zweeten Dag gi mir an de Musée. Mëttes gi mir an den Zentrum fir anzekafen.

Duerno fuere mir mam Bus op Delphi. Et ass immens waarm an d'Sonn schéngt all Dag. Dofir hunn ech och schonn e Sonnebrand.

Da fuere mir erëm Richtung Süden, op Olympia an op Sparta. Mir gi vill griichesche Ruine kucken. Mir kafen och Souvenire fir eis Famill.



Zum Schluss fuere mir mat engem Schëff op eng kleng Insel. Do wunne mir an engem Hotel mat 4 Stären direkt bei der Plage. Mir maache vill Sport, well den Hotel huet en Tennisterrain, e Fitnessraum an eng Piscine. Nomëttes gi mir laanscht d'Mier spadséieren, a wann et ze waarm ass, gi mir an d'Mier schwammen. Owes iesse mir frësche Fësch an engem Restaurant beim Hafen. Duerno gi mir heiansdo nach an d'Disco.

Leider ass eis Vakanz elo schonn eriwwer. Mir fléie mam Fliger zrëck op Lëtzebuerg, well e Méindeg fänkt eis Aarbecht erëm un.

## 28/ E Virstellungsgespréich

- Wéi heescht Dir mam Familjennumm ?  
- Ech heesche Luciotti.

- Wéi ass Äre Virnumm ?  
- Mäi Virnumm ass Sandro.

- Wat fir eng Nationalitéit hutt Dir ?  
- Ech sinn Italiener.

- Wéi vill Joer hutt Dir ?  
- Ech hunn 30 Joer.

- Vu wou kommt Dir ?  
- Ech kommen aus Italien vun Turin.

- Wéi laang wunnt Dir schonn zu Lëtzebuerg ?  
- Ech wunnen zënter dräi Joer zu Lëtzebuerg.

- Wou wunnt Dir elo ?  
- 10, rue Nic. Polver  
L-4335 Esch-Uelzecht

- Wien huet lech recommandéiert ?  
- Den Här Schmitt huet mech recommandéiert.

- Wéini wëllt Dir mat der Aarbecht ufänken ?  
- Ech kann d'nächst Woch ufänken.

## 29/ Mäin Dag

Haut stinn ech um 6 Auer op. Fir d'éischt drénken ech eng Tas Téi, ech iessen e Yoghurt an eng Schmier mat Botter a Gebeess. Duerno ginn ech eng Stonn mat mengem Hond spadséieren. Um 7.15 Auer sinn ech erëm doheem. Ech gi séier duschen an ech di mech un. D'Sonn schéngt an et ass scho gutt waarm dobaussen, dofir dinn ech eng Jupe an eng Blus mat kuerzen Äerm un. Da fueren ech mam Auto schaffen.

Um 8 Auer sinn ech um Büro. Fir d'éischt maachen ech de Computer un an ech liese meng E-mailen. Mäi Chef huet um 10.30 Auer eng wichteg Réunioun. Dofir bereeden ech seng Dossiere vir. Um 11 Auer schreiwen ech nach e puer Bréiwer.

Um 12 Auer maachen ech Mëttespaus. Ech ginn haut mat enger Frëndin an de Restaurant. Mir iessen eppes Klenges a mir schwätzen iwwert eis Aarbecht an eis Famill. Um 13 Auer ass d'Mëttespaus eriwwer. Ech ginn nees zrëck op d'Aarbecht.

Mëttes schreiwen ech de Rapport vun der Réunioun. Duerno ruffen ech e puer Clienten un. Um 17 Auer ass dann endlech Feierowend.

Ech fuere séier heem. Mäi Mann ass och schonn doheem. Mir schaffen nach e bëssen am Gaart. Duerno iesse mir op eiser Terrass. Nom lesse kucke mir e Film op der Tëlee an um 23.45 Auer gi mir schlofen.

## 30/ Passe-partout Sätz

|                                                                                                             |                                                                                                                  |
|-------------------------------------------------------------------------------------------------------------|------------------------------------------------------------------------------------------------------------------|
| Wéi geet et lech ? Gutt a bei lech ?                                                                        | Wéivill kascht dat ? Dat kascht 100 Euro.                                                                        |
| Entschëllegt, wann ech glift, wéi vill Auer ass et ?<br>Et ass zwou Auer.                                   | Wéi kommen ech op d'Gare ?<br>Fuert fir d'éischt riichtaus, dann no lénks an dann no riets.                      |
| Kéint Dir mir hëllefen, wann ech glift ?<br>Et deet mir Leed, ech hunn haut keng Zäit.                      | Huet et geschmaach ?<br>Villmools merci, et war ganz gutt.                                                       |
| Wann ech glift<br>Et ass gär geschitt.<br>Et ass näischt.                                                   | Wat hätt Dir gär ?<br>Ech hätt gär e Kilo Tomaten, wann ech glift.<br>Kann ech lech hëllefen ?<br>Dat wier léif. |
| Ech hätt gär e Rendez-vous fir de Freideg.<br>Wat glift ?                                                   | E gudden Appetit. Merci gläichfalls.                                                                             |
| Kéint Dir dat widderhuelen, wann ech glift ?                                                                | Huet et lech gefall ? Et huet mir gutt gefall.                                                                   |
| Wou sinn hei d'Toiletten, wann ech glift ?<br>Huelt de Lift bis op den zweete Stack an do sinn d'Toiletten. |                                                                                                                  |

# Bibliographie

## INFORMATIOUNEN IWWER DÉI OFFIZIELL LËTZEBUERGER SCHREIFWEIS / ORTHOGAPHE:

Règlement grand-ducal du 30 juillet 1999 portant réforme du système officiel d'orthographe luxembourgeoise = [www.etat.lu/memorial/memorial/a/1999/a1121108.pdf](http://www.etat.lu/memorial/memorial/a/1999/a1121108.pdf)

Eng kleng Hëllef fir Lëtzebuergesch ze schreiwen (M.E.N. - Januar 2001)  
[www.al.lu/yuppi/pdf/letzebuergesch.pdf](http://www.al.lu/yuppi/pdf/letzebuergesch.pdf)

Projet Cortina - Spellchecker fir d'Lëtzebuergesch = [www.crpgl.lu/cortina](http://www.crpgl.lu/cortina)

Introduction à l'orthographe luxembourgeoise (Schanen/Lulling 2003) – [www.cpll.lu](http://www.cpll.lu)

[www.Luxdico.com](http://www.Luxdico.com) (Lulling/ Schanen)

[www.lod.lu](http://www.lod.lu) (= lëtzebuerg online Dictionnaire)

## VERSCHIDDENES: DICTIONNAIREN, WIERDERSAMMLUNGEN, SPROOCHEFUERSCHUNG ...

ACTION LËTZEBUERGESCH, 2000 Mosaik-Steng Franséisch-Lëtzebuergesch Wierdersammlung.

ATTEN, Alain, 1975. "Arrêté ministériel du 10-10-1975 portant réforme du système officiel d'orthographe luxembourgeoise". An: Mémorial Bn° 68, 16-11-76, 1365-1390.

BRUCH, Robert, 1955. "Précis populaire de grammaire luxembourgeoise. Luxemburger Grammatik in volkstümlichen Abriss". An: Bulletin linguistique et ethnologique 4-6, 1955 (1ère éd.); 12-14, 1968 (2ème éd.), 1973 (3ème édition).

DERRMANN-LOUTSCH, Liette. 2003. Deutsch-luxemburgisches Wörterbuch (35.000 Wierder) Luxemburg : Éd. Saint-Paul, 2006. Français-Luxembourgeois. (51. 000 mots et locutions) ESP

Grammaire de la langue luxembourgeoise, 2005. Ministère de l'Éducation Nationale

JOHANNES-SCHLECHTER, Marianne, 2006, Lëtzebuerg Grammaire. Téiteng

Lëtzebuergesch fir all Dag, Lektioenen 1-16, 2000, M.E.N.

Luxdico.com (2004, 2005) LULLING Jérôme / SCHANEN, François. Schortgen-Esch/Alzette-Luxembourg. [www.pun.be](http://www.pun.be)

LULLING, Jérôme, 2002 Thèse de doctorat: La créativité lexicale en luxembourgeois. 499 p. Université Paul Valéry – Montpellier III

SCHANEN, François (2004). Parlons luxembourgeois. L'Harmattan. Paris. [www.schanenfr.com](http://www.schanenfr.com)

SCHANEN, François, ZIMMER, Jacqui (2005) Lëtzebuergesch Grammaire 1,2,3 : Le groupe verbal. Editions Schortgen. Lëtzebuerg

SCHANEN, François, ZIMMER, Jacqui (2006) Lëtzebuergesch Grammaire 1,2,3 : Le groupe nominal. Editions Schortgen. Lëtzebuerg

ZIMMER, Jacqui, 2000. 6000 Wierder op Lëtzebuergesch, Luxembourg: Editions Saint-Paul. (CD-Rom)

# Notten

-----

-----

-----

-----

-----

-----

-----

-----

-----

-----

-----

-----

-----

-----

-----

-----

-----

-----

-----

-----

# Notten

-----

-----

-----

-----

-----

-----

-----

-----

-----

-----

-----

-----

-----

-----

-----

-----

-----

-----

-----

-----

# Notten

# Notten

-----

-----

-----

-----

-----

-----

-----

-----

-----

-----

-----

-----

-----

-----

-----

-----

-----

-----

-----

-----



# Notten

# ERRATA

- Säit 2 Lëtzebuergesch Léiere mat MP3  
Alain Sgiarovello
- Säit 4 An - der – Epicerie
- Säit 10 H. eng Äerdbier
- Säit 13 132 den Eedem  
135 hir Enkelin  
136 hiren Enkel  
144 hir Niess  
145 hiren Neveu
- Säit 14 Den -n um Schluss vun engem Wuert bleift ëmmer stoe virun:  
i, u, e. o. a  
n, d, t, z, h  
. , ! ? : ; ( )
- Säit 17 den Nol
- Säit 28 Schockela
- Säit 29 e Rendez-vous huelen  
HUELEN ( eraus-, eran-, mat-, un-, zréck-, of- )
- Säit 30 DEPLACEMENT: POSITIOUN:  
INVERSIOUN:
- Säit 31 Displacement  
Kierfecht
- Säit 33 achtzeg  
den Drëtten  
den Achtzegsten  
den Honnertsten
- Säit 34 hallwer  
fënnef op  
Et ass fënnef vir hallwer sechs. (5:25 / 17:25 )  
Et ass fënnef op hallwer aacht. (7:35 / 19:35 )
- Säit 38 Cliente : Wéi vill kaschten d'Waassermelounen?
- Säit 40 Lëtzebuergeschproff  
Turnproff  
...meng Bopaen heesche Josy a Lucien
- Säit 42 Annick : Neen, ech brauch kee Garage.
- Säit 43 ?? ..meng Duechter wunnt hei. Si ass mat engem Lëtzebuerger bestuet.  
Meng Enkelkanner kënnen jo och Englesch mat mir schwätzen.
- Säit 45 eng Taass Téi  
eng wichteg Re unioun  
Wéi vill kascht dat?  
Huet et geschmaacht ?  
Wann ech glift .  
Ech hätt gär e Rendez-vous fir e Freideg.

## **Contact**

**Bierger-Center  
Centre Emile Hamilius  
51, bd Royal  
L-2090 Luxembourg**

**Téléphone : (00352) 4796-2200**

**Téléfax : (00352) 2627-0999**

**E-mail : [bierger-center@vdl.lu](mailto:bierger-center@vdl.lu)**